N°5558
Reçue le 24.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 24.01.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A Lycéeën a Primärschoule goufe wéinst der aktueller sanitärer Situatioun all d'Ausflich a Reesen, besonnesch och d'"classes de neige", ofgesot. Well dës Ofso duerch den Här Minister awer fir vill Schüler an hir Eltere ganz kuerzfristeg an iwwerraschend koum, bleiwe Familllen, déi zum Deel vill Geld an dës Ausflich oder Studiereesen investéiert haten (z.B. Schi-Ausrüstung, Hotel, Fluchticket), lo op de Käschte sëtzen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt Elteren, déi am Virfeld vun esou Ausflich a Studiereesen Onkäschten op sech gelueden hunn, bei de betreffende Schoulen nogefrot hunn, ob si fir dës Onkäschten entschiedegt ginn? Ass an deem Zesummenhank eng Uweisung vum Ministère un d'Schoulen erausgaangen?
2) Hunn déi betreffend Elteren d'Méiglechkeet, beim Ministère eng Entschiedegung unzefroen? Wann net, wat réit den Här Minister an dësem Fall den Elteren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5558 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Opgrond vun den héijen Infektiounszuelen esouwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland gouf de Schoule scho wärend dem 1. Trimester vum aktuelle Schouljoer geroden, Sejouren am Ausland ze annuléieren. Eng sëlleche Schoule sinn dëser Recommandatioun nokomm an haten domat d'Méiglechkeet, d'Eltere matzäiten iwwert d'Annulatioun vun enger Vakanzekolonie ze informéieren, sou datt keng Onkäschten entstane sinn.

Enn Dezember 2021 respektiv Ufank Januar 2022 sinn d'Direktiounen dunn an engem offizielle Schreiwes vum Educatiounsministère doriwwer a Kenntnis gesat ginn, datt d'Sejouren am Ausland ze annuléiere wieren, an datt d'Situatioun an dësem Kontext ronderëm d'Fuesvakanz géif reevaluéiert ginn. Opgrond vun dësem Schreiwes konnten d'Schoulen hir geplangten Openthalter am Ausland annuléieren oder reportéieren, sou datt eventuell scho bezuelten Acompten net verluer sinn.

Am Fall vun Annulatiounen ass esou en offiziellt Schreiwes vun der nationaler Autoritéit, mat deem d'Sejouren am Ausland ze ënnerloosse sinn, d'Konditioun, fir datt auslännesch Ubidder déi scho bezuelte Sue rembourséieren. Dofir huet den Educatiounsministère op esou eng offiziell Kommunikatioun zeréckgeraff, soss hätt e Risiko bestanen, datt Elteren hir Suen net rembourséiert kritt hätten.

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH